

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 4. Juli 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Aarbechtsminister weiderzeleeden.

Qualifizéiert Salariéen ze fannen, entwéckelt sech fir vill Patronen zu enger Erausfuerderung. A verschiddene Secteuren ass et ëmmer manner méiglech, op direktem Wee an ouni Delaie gëeegent Kandidaten ze fannen. Dat huet dozou gefouert, datt d'ADEM rezent sou vill fräi Aarbechtsplazen um Lëtzebuurger Aarbechtsmaart gemellt huet wéi bal nach ni virdrun. A verschiddene Branchë kënn et duerch de Manktem u qualifiziertem Personal schonns zu Opdraagsverzögerungen. An dëser Situatioun sinn d'Patrone méi wéi virdrun op d'ADEM ugewisen. Eisen Informatiounen no ginn et bei der ADEM awer grouss Réckstänn (Retarde vu bis zu 3 Méint) beim Behandele vun neien Dossieren.

An deem Kontext hu mir folgend Froen un den Här Minister:

- 1) Wéi laang dauert aktuell d'Behandele vun engem neien Dossier, dee vun engem Patron eragereecht gëtt fir eng Persoun anzustellen?
- 2) Ginn et an deem Zesammenhank Ënnerscheeder jee no Beräich/Sektor?
- 3) Wéi vill Placeure sinn am Ablack bei der ADEM agestellt? Wéi vill Dossieren huet ee Placeur am Schnëtt ze behandelen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen, Deputéierten

Fred Keup, Deputéierten

